N° 7886
Entrée le 13.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 13.04.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géingen mir Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Wéi aus aktuelle Berichter an de Medien ervir geet, ginn et kéng fiabel Donnéeë, wéi vill Kannerdokteren am Moment zu Lëtzebuerg praktizéieren. Derbäi kënnt, datt et eng generell Penurie un Dokteren, a besonnesch u Spezialisten, zu Lëtzebuerg gëtt. Ouni genee Zuelen ass et awer schwéier eng konkret Zukunftsstrategie fir eng besser Gesondheetsversuergung ze entwéckelen. An dem Zesummenhang wollte mir folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Wéi vill Spezialisten, opgedeelt no Fachrichtung, hunn hei zu Lëtzebuerg eng offiziell Zouloossung?
- Wat wëll d'Regierung maachen, fir un fiabel Donnéeën ze kommen, wéi vill Spezialisten an den eenzelen Fachrichtungen, besonnesch an der Pediatrie, aktiv praktizéieren?
- Wat mécht d'Regierung konkret, fir der genereller Penurie un Dokteren entgéintzewierken?
- A wat fir Fachrichtunge feelen am Moment déi meeschte Spezialisten?
- Wat mécht d'Regierung fir speziell an deene Fachrichtungen, wou déi meeschten Doktere feelen, Spezialisten unzezéien?

Elisabeth Margue — Max Hengel,

Deputéiert — Deputéierten